N°4566
Entrée le 04.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.08.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

No de massiven illegale Grenziwwerschreidungen op der EU-Aussegrenz vun der spuenescher Stad Ceuta un der Strooss vu Gibraltar – déi rezentst Medieberichter nennen eng Zuel vu ronn 60000 Migranten – hunn Italien an Dänemark an engem oppene Bréif un den EU-Rotspräsident António Costa, d'EU-Kommissiounspräsidentin Ursula von der Leyen an den iresche Regierungschef Micheál Martin, deem säi Land déi aktuell EU-Presidence huet, eng séier a koordinéiert Reaktioun vun der EU, e méi staarke Schutz vun den EU-Aussegrenzen an eng kritesch Iwwerpréiwung vu politesche Moossnamen, déi illegal Migratioun kéinte begënschtegen, gefuerdert.

Dëst Schreiwes ass vun allen EU-Memberstaaten ënnerschriwwe ginn, ausser vu Lëtzebuerg, Portugal a Frankräich. Irland huet d'EU-Presidence a konnt net ënnerschreiwen.

Virun dësem Hannergrond hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Firwat hutt Dir Här Premierminister am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung dësen oppene Bréif vun 22 EU-Länner net matënnerschriwwen an déi domat verbonne Fuerderungen net matgedroen?
2. Riskéiert Lëtzebuerg net, sech op engem Kärthema an Europa politesch ze isoléieren?
3. Ass Äre Refus net kontradiktoresch zu den Aussoe vum Här Inneminister Gloden, datt Lëtzebuerg hannert de verschäerfte Moossnamen zur Asyl- a Migratiounsprozedur steet, déi de 17. Juni 2026 am Europaparlament gestëmmt gi sinn?
4. Mengt Dir net, datt déi falsch politesch Signaler vun der spuenescher Regierung betreffend d'Regulariséierung vu bal 1,2 Millioune Migranten an den noweislech schwaache Grenzschutz zu Ceuta mat derzou bäigedroen hunn, datt sech Mënschen Hoffnunge gemaach hunn an duerfir hiert Liewen op d'Spill gesat hunn. Et si bis elo op d'mannst 72 Leit ëmkomm.

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten